20 mars 2013

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

# Prise de position du ministère des Finances suite au commentaire de Frank Kuffer (RTL) diffusé le 19 mars 2013

Le Mécanisme européen de stabilité (MES) est un instrument intergouvernemental de droit international public qui a comme mission d'emprunter des ressources financières sur les marchés et d'utiliser ces ressources pour accorder des prêts aux membres du MES (tous les pays qui ont comme monnaie l'euro étant membres) qui connaissent ou risquent de connaître de graves problèmes de financement, si cela est indispensable pour préserver la stabilité financière de la zone euro dans son ensemble. L'octroi de ce prêt est lié à une stricte conditionnalité visant à stabiliser et restructurer son économie.

Les Etats membres de la zone euro ont doté le MES d'un capital souscrit de 700 milliards d'euros dont 80 milliards d'euros sont du capital libéré. Ceci permet au MES d'avoir une capacité de prêt de l'ordre de 500 milliards d'euros. Le Luxembourg participe au capital du MES avec une clé de capital de 0,2504%. La contribution luxembourgeoise au capital libéré se chiffre donc à 200 millions d'euros. Le montant de 1,2 milliards d'euros est la contribution luxembourgeoise au capital souscrit de 700 milliards d'euros. Or ce capital souscrit est un plafond maximal et le traité du MES énumère de façon limitative les conditions dans lesquelles le montant initial de 80 milliards d'euros peut être dépassé. Le montant de 1,2 milliards d'euros n'est donc pas une garantie que l'Etat luxembourgeois apporte au MES.

**Le capital du MES sert uniquement de collatéral / garantie pour lever des financements sur les marchés. Ce sont ces ressources financières empruntées sur les marchés qui sont accordées à titre de prêt à Chypre. Les ressources pour accorder le prêt à Chypre ne proviennent donc pas du capital du MES**. Ce capital reste intact aussi longtemps que le MES ne subit pas de pertes sur ses opérations de prêt. Partant**, il est correct d'affirmer que lorsque le MES accorde un prêt à un membre, ceci n'a pas d'impact budgétaire pour les autres Etats membres du MES.** Il convient par ailleurs de relever que la contribution au capital que les Etats membres versent à l'ESM est comptabilisée comme une participation financière de l'Etat dans une institution internationale (donc comme un actif) et n'a pas d'impact sur le solde budgétaire des Etats membres.

---

*Ee Samschdeg de Moie koum wäissen Damp aus dem Schaachtech vun de Finanzminister zu Bréissel. Alt erëm ee Land gerett. De Rettungspak fir Zypern gouf no laangen Diskussiounen ugeholl. Dat ass dach eng gutt Nouvelle, oder net? Frank Kuffer*

Esou wéi mer et verkaaft kréie kléngt et emol immens gutt. Zypern kënne mer op eiser Lëscht vu gerette Länner ofhaken.

Also entweder ass eise Finanzminister een immens gudde Komiker a wollt eis just un d'Laache kréien, an ech hoffen, dass et esou ass, oder, an dat wier schlëmm, hie probéiert eis fir domm ze verkafen. Sot de Luc Frieden dach net am Eescht ee Samschdeg, nodeems e fir d'éischt gesot huet, dass se déi ganz Nuecht, 10 Stonne laang verhandelt hunn, Zypern géif 10 Milliarden Euro kréie mä, an elo zitéieren ech: „10 Milliarden déi mer net aus den nationale Budgeten huelen mä aus dem Rettungsfong ESM. Et ginn also keng lëtzebuergesch, däitsch oder franséisch Sue geholl" genee esou sot en, de Luc Frieden.

Hallo! Wat ass den ESM? Ee Spendekonto ? Kommen déi Sue vu Grillfester an der EU oder aus enger Tombola? Sinn déi all gehiewelt, gezaubert ginn? Ass et net esou, dass Lëtzebuerg 200 Milliounen Euro an deen ESM bezuelt huet a fir 1,2 Milliarde garantéiert also grued steet ?

Här Frieden sinn dat keng Lëtzebuerger Suen oder gëtt elo just den Deel vun de Spuenier an de Griichen an den Zyprioten aus deem Dëppe geholl, wëll déi sech et am beschte kënne leeschten ? Zypern huet iwwregens ongeféier dat selwecht abezuelt wéi mir an hëlleft sech deemno och selwer, esou hätt een et och nach kënne verkafen. Ech zweiwele keen Ament drun, dass et wichteg a richteg ass Zypern ze hëllefe wëll, wéi kréie mer ëmmer gedreet, soss gi mer alleguerte mat an dat déift Lach gerappt.

D'Banke sollen emol selwer hëllefe gouf ëmmer gesot, elo sollen eben hir Clienten dat maachen. Dat hunn d'Ministeren an där laanger Nuecht och decidéiert, dass all Client vun den zypriotesche Banke soll d'Land an d'Banke retten.

6,75 Prozent muss een ofginn, Minimum. Bei Depoten iwwer 100'000 Euro sinn et souguer 9,9 Prozent. Wann ee bei dësem leschte Fall kann d'Accord sinn, dass Leit mat richteg vill Kapital och sollen eppes bäi steieren esou gesinn ech dat beim klenge Spuerer awer net esou. Een deen 10'000 Euro gespuert huet, deen ass jo sécher net räich, huet eng kleng Mouk a kritt elo 675 Euro ofgeholl, einfach esou, iwwer Nuecht. 10'000 Euro op der Säit ass net vill, 675 Euro fir de Staat spenden, enorm an dat hunn se op Zypern wahrscheinlech och gemierkt an de Vote mol op haut verluecht fir eventuell awer nach eppes fir déi kleng Spuerer ze änneren.

An ee weidert Stéck Cabaret ass natierlech wann d'Zypriote getréischt ginn.......vu Griichenland. Bon, déi wësse wéi dout spueren sech ufillt mä, dass de griichesche Premier seet mir stinn lech zur Säit, mir passen op är Suen op eise Konten op an et geet geschwënn erëm biergop, ass dann a mengen Aa awer bëssen ze vill Hypocrisie.

Meng Konklusioun no dëser leschter awer bestëmmt net allerleschter Rettungsaktioun : D'Vollek gëtt ouni ze zécke weider fir domm verkaf an et gëtt weider mat Milliounen a Milliarde gezaubert. Wat sinn ech frou, dass mir ëmmer Alles richteg gemeet hunn an als Allerleschte op der Lëscht sti vun de Länner, déi musse gerett ginn.

Ech hoffe just, dass déi aner dann nach eppes hu fir eis ze hëllefen.....Mä kee Problem, den Rettungsschierm ESM huet jo ëmmer Suen.

http://news.rtl.lu/commentaire/commentaire/415155.html